

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

An engem Tageblatt-Lieserbréif vum 5. September erzielt eng Persoun vu ganz schlëmmen Erfarungen, déi si als Patient am CHEM zu Nidderkuer iwwert sech ergoen hätt misse loossen. De Patient erzielt vu schlëmmen Vulgarismen an der Ëmgangssprooch an dem Spidol, déi hien als "Di schrecklech Sprooch am CHEM zu Nidderkuer" bezeechent huet. Hien huet sech d'Fro gestallt: "War ech dann elo an engem Spidol oder am Archipel Gulag?"

Bei esou Erfarunge stellt sech natierlech d'Fro no der Dignitéit an dem Respekt virum Mënsch an eisem Gesondheetswiesen.

An deem Kontext wollte mir der Madamm Gesondheetsministesch dës Froe stellen:

1. Huet d'Madamm Gesondheetsministesch, de Gesondheetsministère oder déi respektiv Direktiounen vun eise Klinicke schonn esou Reklamatiounen kritt a wéi hunn si dorop reagiert?
2. Ass sech d'Madamm Ministesch bewusst, datt et besonnesch och am Gesondheetssecteur wichteg ass, datt d'Dignitéit vum Mënsch allzäit respektéiert gëtt?
3. Gedenkt d'Madamm Ministesch elo eng Enquête an/oder eng Ëmfro ze lancéieren, fir eraus ze fannen, ob et sech em Eenzelfäll handelt oder ëm e méi generelle Phänomen?
4. Wéi eng Moosname wëll d'Madamm Gesondheetsministesch huelen, fir engem eventuelle Manktem u Respekt géintwuer dem kranke Mënsch zevir ze kommen ?
5. Acteuren aus dem Gesondheets- a Fleegeberäich bekloen sech schonn zënter laangem doriwwer, datt et hinnen duerch ëmständlech bürokraatesch Prozesser net méiglech ass, de Patienten, respektiv, Bewunner vu Fleegeariichtungen, déi Zäit entgéintzebréngen, déi néideg wär. Besonnesch den ëmstriddene Berechnungsmodell fir Fleegeleeschunge steet

zënter laangem an der Kritik. Mir verweisen an deem Kontext op d'parlamentaresch Fro N°3887 vum Fernand Kartheiser aus dem Joer 2018. Sinn zanter där Zäit vum Gesondheitsministère weider Ustrengungen ënnerholl ginn, fir d'Situatioun ze verbessern, respektiv, duerch ee méi effikasse System ze ersetzen?

6. Wat fir weider allgemeng Schrëtt gedenkt de Gesondheitsministère ze ënnerhuelen, fir datt an Zukunft esou schlëmm Virfäll kënnen verhënnert ginn, inklusiv an der Ausbildung vum Personal? Wäre et an deem Kontext sënnvoll, an enker Zesummenaarbecht tëscht dem Gesondheitsministère an den eenzele Spideeler, e Plang op d'Been ze stellen, wéi een d'Wuelbefanne vum Patient, dee stationär an engem Spidol muss opgeholl ginn, ka verbessern?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Fernand Kartheiser
Deputéierten